

(Brouhaha)

Dofir hunn ech éischter d'Tendenz, se hei ze ënnerstëtzen, well ech se awer ganz sympathesch fannen. Dofir géif ech menge Kollegeinnen a Kollegee proposéieren, se matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, et ass jo e gudden Wëllen hannert där Resolution, mee se ass u sech, fir e Wuert ze benotzen, wat d'Majoritéit eis ganz oft hei ...

(Interruptions et hilarité)

Jo, ech héieren d'Wuert scho vun de Majoritéitsbänken: superfetatoire. Well de Reglement vun der Chamber erlaabt et all Eenzelnem vun eis 60, zu all Zäitpunkt, wou mer et opportun fillen, en Debat unzefroen an op den Ordre du jour ze setzen. Jo, et ass heiansdo schwierig, fir deen Debat dann och an där Woch op den Ordre du jour ze kréien, wou mir dat wëllen als deen, deen et ufreet. Mee dat heescht awer net, datt eist Reglement dat net virgesäit. A virun allem muss ech einfach konstatéieren, datt dës Chamber als Institution déi lescht Joren eng Hickecht u Resolutionen geholl huet, wou mer gesot hunn: „Mir maachen eng Evaluatioun. Mir maachen en Debat.“ Wa mer géife probéieren, eng Kéier an engem Joer all déi Debatten ze caséieren, wou d'Chamberen an der Vergaangenheet gesot hunn: „Déi misste mer awer all Joer maachen“, da géif keng legislativ Aarbecht méi geschéien oder mir géifen endlech de Vollzäitdeputéierten aféieren. Vläch kann een och béides maachen, mee sou wäerte mer eis awer bei dëser Resolution elo emol enthalten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur, d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech fannen dat immens schued, well dat anert si jo alles Interpellatiounen, Heure-d'actualitéen. Dat ass deene jee weilegen Deputéierten iwwerlooss, ob se dat maachen oder net maachen. An ech sinn do ganz beim Här Galles: Wann elo d'nächst Joer kee méi en Interêt huet, dat ze maachen, dat op den Ordre du jour ze setzen, dann diskutéiere mer net méi doriwwer.

An hei soll et jo drëms goen, an de Minister, de Familljeminister, huet dat ganz gutt gesot, datt een et soll am Bléck halen an datt een un d'Schrauwe soll dréie goen. An et soll einfach sinn, fir eng objektiv Debat hei ze maachen, wou een all déi Punkten op den Dësch leet a wou ee kuckt, wat ass, wou mer stinn a wou mer all zesumme kënnen schaffen, fir deem Problem zupaass ze kommen (veuillez lire: ze-virzekommen).

Hei geet et net ee géint deen aneren, hei geet et drëms, an eisem Land ze kucken, datt mer déi, deenen et wierklech schlecht geet, mat an d'Boot kréien, fir datt et hinne besser geet, an datt mer se och mat an d'Boot kréien, fir Transitionen ze maachen, nottamment d'Klimatransition.

Hei geet et ëm vill, vill méi. A mir maachen och hei an der Chamber regulièremat aner Debatten, déi si ganz normal, do schwätzt emol kee méi driwwer, do diskutéiert emol kee méi driwwer, ob déi misste sinn oder net misste sinn.

An dat hei ass awer e kruziale Punkt. Et ass awer e kruziale Punkt, wann d'Schéier ëmmer méi ausernegeet a wa mer eis Gesellschaft splécken a wa mer e sozialen Onfridde kréien. Dat ass awer e ganz, ganz kruziale Punkt, an ech fannen et immens schued, dass mer eis hei net kënnen eenegen. Mee et wäert alt goe wéi ganz oft.

Allez, merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dann huet den Här Sven Clement nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Pardon, Här President. Also, éischters emol mengen ech, datt d'Wielerinnen an d'Wieler, wann ... Dat hei ass e wichtegt Thema an ech ka mer net virstellen, datt den 9. Oktober, aus de Wale vum Dag virdrun, eng Chamber wäert ervirgoen, wou dat Thema hei net méi op den Ordre du jour wäert kommen. Dat kann ech mir beim beschte Wëllen net virstellen.

Ech ka mer éischter souguer virstellen, datt et nach verstärkt op den Ordre du jour kéint kommen. Ech hunn awer eng ganz konkret Fro un d'Madamm Cecchetti, well se elo gesot huet, mir géifen hei reegelméisseg Debatte féieren, déi kee méi géif a Fro stellen, ouni datt se eis awer gesot huet, wéi eng Debatte se da géif ofschafen zugonschte vun där heiter reegelméisseg Debat. Mir fält elo keng a vun deenen Debatten, déi mer hei féieren, déi ech géif als iwwerflësseg ugesinn, an deemstpréierend wär dat vläch meng kleng bescheide Fro un d'Madamm Cecchetti, wéi eng Debatte se dann do gemengt huet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. D'Wuert geet nach eng Kéier zréck un d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech wëll dat just klären: Ech hunn net gesot, et missten Debatten ofgeschafft ginn. Dat hunn ech zu kengem Moment gesot! Ech hu just gesot: Mir féieren heibannen Debatten, wou jo och kee méi hannerfreet, ob se musse gefouert ginn oder net. An ech fannen et souguer ganz wichteg, datt mer déi heibanne féieren. An dat hei wier dann eeben eng zousätzlech. Wat ass dann? Da maache mer eng zousätzlech. An ech froe mech, wou d'Angscht ass, wa jo souwisou déi nächst Regierung an dat nächst Parlament dat Thema do esou wichteg fannen. Et misst ee sech jo net esou sträuben. Mee et ass elo gutt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

Ech mengen, da kéime mer elo zum Vott iwwert d'Resolution Nummer 2.

#### Vote sur la résolution 2

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resolution ass mat 26 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen an zwou Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

## 7. 8235 – Présentation du rapport de la Sous-commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

De leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Sitzung ass d'Presentatioun vum Rapport vun der Sous-commission „Télétravail“ vun der Aarbechtskommissioun. De Rapporteur huet zéng Minutten, fir dëse Rapport ze presentéieren, uschléissend féiert d'Chamber dann eng Debat, bei där all Fraktioun an all Sensibilitéit fénnef Minutten zegutt huet an d'Regierung zéng Minutten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Rapport, den honorabelen Här Dan Kersch.

### Rapport de la Sous-commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de 6. Mee 2021 gouf d'Teletravail-Souskommissioun an d'Liewe geruff. D'Zil vun der Kommissioun war et, den Teletravail a senger verschiddene Facetten ze analyséieren. An deem Kader goufen Entrevuë mat de Sozialpartner a mat de betraffene Ministere gefouert.

De Rapport, deen ech Iech haut presentéieren, berout op den Echangingen an den Aarbechten aus dëser Souskommissioun. Eier ech op d'Konklusioun vum Rapport aginn, loosst mech e puer Wierder zum Fonctionnement an Oflaf vun der Teletravail-Souskommissioun soen.

Wéi scho gesot, gouf dës Kommissioun am Mee 2021 an d'Liewe geruff. An der Souskommissioun souzen d'Vertreieder vun alle Parteien aus der Chamber. Vu Mee 2021 bis Januar 2022 gouf d'Kommissioun vum deemolegen Deputéierte Claude Haagen presidéiert, säit Januar 2022 hat ech d'Éier, dës Souskommissioun dierfen ze presidéieren. Déi éischt Aarbechten hunn de 24. November 2021 ugefaang, wou d'Kommissiounsmembere sech mat den däitschsproochege Sécurité-sociales-Ministère konnten austauschen. Dat waren d'Ministère aus Däitschland, Éisträich, Liechtenstein, Schwäiz a Lëtzebuerg.

De 27. Oktober 2022 gouf et dunn eng Entrevue mam Wirtschafts- a Sozialrot, den 2. Februar 2023 gouf et eng Entrevue mat der UEL, den 9. Februar 2023 gouf et eng Entrevue mam OGB-L an uschléissend mam LCGB. De 16. März 2023 hunn d'Kommissiounsmembere d'CGFP gesinn, an den 30. März 2023 gouf et eng Entrevue mat der Finanzministesch an dem Sécurité-sociales-Ministère.

Déi aktuell Reegelen, och do ass vläch eng Kéier drops anzegoen. Wéi ech virdru scho gesot hat, war et d'Zil vun dëser Souskommissioun, den Teletravail op seng Vir- a seng Nodeeler ze analyséieren an ze kucken, ob et néideg wier, op deem Sujet ze legiferéieren. Hei muss ee sech och bewusst sinn, dass et hautzudaags schonn eng Rei Reegelen am Beräich vum Teletravail gëtt. Beispillsweis gëtt et den Accord interprofessionnel tëscht de Sozialpartner vum 20. Oktober 2020, deen duerch e Règlement grand-ducal vum 22. Januar 2021 d'ordre général ginn ass a fir de ganze Privatsektor gëllt.

Wann ee sech den Historique ukuckt, gesäit een, datt den Teletravail schonns méi laang um Niveau vun de Sozialpartner thematiséiert an och deelweis gereegelt

ginn ass. Den 21. Februar 2006 gouf et schonn eng Konventioun iwwert den Teletravail tëscht der UEL, dem OGB-L an dem LCGB. 2011 an 2015 gouf d'Konventioun jee weils verlängert an de 15. Mäerz 2016 ass se du per Règlement grand-ducal als allgemeng verbindlech erkläert ginn.

De Koalitionsaccord 2018-2023 huet d'Relevanz vum Teletravail erkannt. Et gouf festgehalen, eng Evaluatioun vum juristesche Kader iwwert den Encadrement vum Teletravail virzugesinn. An der Pandemie huet dunn den Teletravail vun engem Dag op deen aner en enorm u Bedeitung gewonnen. An deem Kader huet de Wirtschafts- a Sozialrot den 11. September 2022 (veuil- lez lire: 2020) en Avis erausbruecht, deen eng Propositioun fir eng nei Konventioun bitt. Esou ass den Accord, wéi ech virdu gesot hunn, och dann d'ordre général ginn a gëllt fir de ganze Privatsektor.

Duerch de Règlement grand-ducal gëtt tëscht Télétravail occasionnel an Télétravail régulier differenziéiert. Duerch d'Konventioun ginn eng Rei Saache gereegelt, beispillsweis wat d'Material ugeet, d'Responsabilitéiten am Fall vun Accidenter, Gesondheets- a Sécherheetsreegelen a munches méi.

Da goufen och d'Rechter vun de Personaldelegatiounen, wat den Teletravail ugeet, duerch d'Gesetz vum 1. Abrëll 2022 gestärkt.

D'lescht Joer gouf dunn en Accord tëscht der Regierung an der CGFP fonnt, fir den Teletravail an der Fonction publique ze reegelen. An deem Kader ass et och interessant ze ernimmen, datt den Droit à la déconnexion, deen och am Kader vum Teletravail eng grouss Bedeutung huet an deen awer net duerch déi uewe beschriwwen interprofessionell Konventioun gereegelt ass, duerch e rezente Gesetzesprojet vum 13. Juni 2023 hei an der Chamber gestëmmt ginn ass an domadder och Gesetzeskraft huet.

Zu de Konklusiounen vum Rapport vläicht dat Allererwichtegst am Ufank: Et ass net üblech, dass ee sech hei eens ass, queesch duerch all d'Parteien, queesch duerch all d'Gewerkschaftsvertreider, queesch duerch all d'Patronatsvertreider, dass et wierklech sënnavoll wär, wann hei zu Lëtzebuerg op alle Plazen, do wou et méiglech ass, kéinten zwee Deeg Teletravail an der Woch geleescht ginn. Mir sinn eis awer och genausou kloer, dass mir eleng dat leider net kënnen reegelen an ofhängeg si vun Decisiounen, déi vun anere Regierungen getraff ginn.

D'Relevanz vum Sujet „Teletravail“ huet duerch d'Pandemie enorm u Bedeitung gewonnen, dat wësst der alleguer. Den 19. Oktober 2020 gouf et, wéi ech virdu scho gesot hunn, eng ëffentlech Debatte hei an der Chamber, déi sech mat der Aféierung vun engem richtegte Recht op Teletravail fir Salarieë befaasst huet. De 25. Januar 2023 gouf et hei am Haus eng ëffentlech Debatte doriwwer, zwee Deeg Teletravail d'Woch kënnen ze maachen, an zwar fir jiddwereen. Hei ass awer och op déi besonnesch Situatioun vun de Frontalieren higewise ginn. Bemierkenswäerterweis hat déi Petitioun innerhalb kierzester Zäit 14.000 Ënnerschrëfte kritt.

Eng Etüd vun der UEL aus dem Summer 2022 verdäitlecht d'Relevanz vum Teletravail fir de Lëtzeburger Aarbechtsmarché. Deemno hunn déi befroten Entreprises gesot, dass 40 % vun den Jobinteressenten eng Joboffer refuséiert hunn, well se net genuch Teletravail offréiert kritt hunn. Dat ass e ganz héije Chiffer. Déi verschidde Sozialpartner hunn ëmmer nees op de Sujet vum Teletravail als Deel vun der Attraktivitéit vum Lëtzeburger Aarbechtsmarché higewisen.

D'Konklusioun ass, dass d'Salarieën haut e vill méi staarkt Verlaangen no Teletravail hunn, wéi et nach virun der Pandemie de Fall war. Aner Punkten, déi sech an den Echangingen an der Souskommissioun als relevant

fir d'Attraktivitéit vum Lëtzeburger Aarbechtsmarché erauskristalliséiert hunn, sinn den Niveau vun de Salären zu Lëtzebuerg an d'Virdeeler, virun allem d'Virdeeler, vun der Lëtzeburger Sécurité sociale, wéi zum Beispill d'Assurance vieillesse, d'Pensiounen, d'Krankkeeseversuergung a villes méi.

An deenen Entrevuë gouf och d'riwwer geschwat, datt verschidde Beruffer sech fir den Teletravail eegnen an aner net.

Vu Gewerkschaftssäit huet et geheescht, sech doriwwer Gedanken mussen ze maachen, wat een deene Salarieë kann ubidden, fir déi den Teletravail net méiglech ass. An et ass och doriwwer geschwat ginn, fir dann eventuell deenen entgéintzekommen, déi mobil Aarbechtszäiten hunn, eventuell och déi Aarbechtszäite méi kuerz ze maachen. Wéi gesot, dat war eng Propositioun vu Gewerkschaftssäit.

An den Echangingen mat de Sozialpartner an der Regierung huet sech och d'Relevanz vun enger Teletravailsreegelung fir Frontaliere séier erauskristalliséiert. Et gëtt kee Land an der EU – d'Schwäiz läit bekanntlech net an der EU, déi hunn eng änlech Problematik, wat Genf ugeet –, wou d'Frontalieren esou en héijen Undeel vum Salarie duerstellen, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass. Eis Ekonomie ass op Frontalieren ugewisen, och dat ass de Mëtte schonn hei gesot ginn. A wéi schonn uewe gesot, stellt den Teletravail en Attraktivitéitskrittär par excellence fir den Aarbechtsmarché duer.

An deem Kontext mussen zwee Aspekter berücksichtegt ginn: engersäits déi fiskal Konsequenz vum Schaffe vun doheem an anerersäits d'Sécurité sociale. Bis elo war et esou, dass den europäesche Règlement 883 vum 2004 et erlaabt, dass e Frontalier maximal 25 % vu senger Aarbechtszäit dierf a sengem Heemechtsland schaffen an nach ka bei der Lëtzeburger Sécurité sociale ugemellt bleiwen. Wann e Frontalier méi wéi déi 25 % vu senger Aarbechtszäit a sengem Wunland schafft, da muss hien och der Sécurité sociale vun deem Land bäitrieden.

Dës Reegelung fousst op der Iwwerleeung, de sozialen Dumping ze verhënneren. Duerch den neien europäesche Kaderaccord, deen de Sozialminister mat op de Wee bruecht huet, ass et elo méiglech, dass de grenziwwerschreidenden Teletravail, deen Taux, vu 25 % op 49 % eropgesat ginn ass. Eng Rei Länner sinn deem Accord scho bäigetrueden, notament Lëtzebuerg, dat den éischten Ënnerzeechner war, och ee vun deenen, déi am meeschten Interêt dorun hunn, an dann och eis Nopeschlänner, Däitschland, d'Belsch an och Frankräich, déi dat heiten och den 2. Juli ënnerschriwwen hunn, allerdéngs nëmme fir d'Dauer vu sechs Méint, och dat soll haut gesot ginn. Do muss mer also nach ëmmer oppassen, dass dat net herno erëm kippt, well dat wär e grouse Verloscht fir eist Land.

Deemno verbleift de Sozialversicherungsschutz beim Homeoffice beim Land vum Patron, wa bis maximal 49 % aus dem Wunnsätzland geschafft gëtt. Doduerch kënnen d'Frontalieren, op d'mannst wat d'Sécurité sociale ugeet, roueg zwee Deeg an der Woch vun doheem aus Teletravail maachen, ouni dass se aus der Lëtzeburger Sozialversicherung géifen erausfalen.

D'Teletravails-Souskommissioun begréisst, datt Lëtzebuerg deem Accord net nëmme bäigetrueden ass, mee mat initiéiert huet. Och begréisst d'Souskommissioun, dass d'49 %-Reegelung just déi Leit betrëfft, déi Teletravail maachen, an net aner transnational Aktivitéiten. Wéi gesot, déi Reegelung vu 25 % ass getraff ginn, fir eeben den Dumping ze verhënneren, an dofir ass et gutt, dass dat heiten, déi 49 %-Reegelung, nëmme fir den Teletravail zielt.

Nieft der Sécurité sociale ass och de fiskalesche Volet fir d'Frontaliere relevant. Lëtzebuerg huet mat sengen Nopeschlänner bilateral Accorden. Esou kënnen d'Frontalieren eng bestëmmt Unzuel vun Deeg aus deem Land, wou se wunnen, schaffen, ouni dass se nach vun hirem Land zousätzlech besteiert ginn. Bis elo war dat fir d'Belsch 33 Deeg, fir Frankräich 34 Deeg a bis haut an Däitschland 19 Deeg. Mee Dir hutt warscheinlech alleguer gelies, dass haut en Accord zu Berlin ënnerschriwwen ginn ass, wou och Däitschland eise Frontalieren da 34 Deeg zougestane huet, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | ... éier se dann och an hirem Land nach géifen zousätzlech besteiert ginn. Ech mengen, ech brauch hei kengem ze soen, dass och 34 Deeg do nach net d'Léisung vun alle Problemer ass, well dat wäit ewech ass vun deenen zwee Deeg pro Woch, déi mer hei zu Lëtzebuerg iwwerpartelech eeben ustriewen.

Bon, während den Echangingen an der Souskommissioun huet sech och erauskristalliséiert, dass d'Sozialpartner sech fir e fräiwëllegen Teletravail asetzen, dee weeder dem Salarie nach dem Employeur eppes opzwéngt. Deemno schwätzt sech och d'Souskommissioun dofir aus, dat och esou bäizebehalen. D'Sozialpartner hu sech an den Entrevuen och net fir d'Schafung vun engem neie legale Kader fir den Teletravail ausgeschat, weeder d'Patronat nach d'Gewerkschaften, soudass d'Souskommissioun och keng Fuerderung an dës Richtung stellt. D'Souskommissioun schléisst allerdéngs net aus, dass punktuell méiglecherweis déi eng oder aner Upassung muss gemaach ginn.

An den Entrevuen huet sech och erausgeschield, dass déi aktuell Accorde mat eisen Nopeschlänner, wat d'Duebelbesteuerung ugeet, net méi adaptéiert sinn; ech si virdu dorobber agaangen. D'Teletravail-Souskommissioun huet sech staark mam Sujet vum Teletravail ausernanergesat, wat den Impakt vum Teletravail op d'Attraktivitéit vum Lëtzeburger Aarbechtsmarché ugeet; och dat hunn ech scho gesot. Allgemeng si mer der Meenung, dass ee muss eng Approche huelen, wou d'Groussregioun als ganz Aarbechtsmarchésregioun géif opgeholl ginn.

An och an deem Sënn gräift d'Souskommissioun d'Fuerderung vun den Employéen op, fir eng Kosten/Nutzen-Rechnung ze maache vun den ëffentleche Finanzen, fir op méiglech finanziell Kompensationsfuerderungen aus de Grenzgebiddere kënnen gutt virbereet ze reagieren.

Ech sinn an enger Sekonn fäerdeg. D'Teletravail-Souskommissioun encouragéiert dann och d'Regierung, de groussherzogleche Règlementsprojet iwwert d'Teletravailskonditiounen an der Fonction publique méiglechst schnell ëmzesetzen. Ech sinn elo haut net sécher, ob dat scho geschitt ass. Et bleift op jidde Fall ze bedenken, dass de Staatsrot souwiesou der Meenung ass, dass et mat engem Règlement grand-ducal net duergeet an dat och misst Gesetzeskraft kréien.

Entschëllegt fir d'Iwwerzéiung, mee ech mengen, dass et e wichtege Thema war, an ech hu wierklech probéiert, all déi Saachen, déi mer eis an der Kommissioun geduecht hunn, an enger geraffter Form heinnerzebréngen.

Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An dann ass als éischte Riedner den honorabelen Här Marc Spautz ageschriwwen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.



## Débat

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och e grouse Merci un den Dan Kersch fir de Bericht, deen hien hei gemaach huet, wat mer alles an der Kommissioun beschwat hunn. Ech mengen, et dierf een eng Kéier d'Entwécklung net vergiessen: Bis de 6. Mäerz 2021, wéi d'Sous-commission gegrennt ginn ass, war Teletravail hei zu Lëtzebuerg eppes, wat ee weider net kannt huet. Ech wëll net soen, dass et duerch d'Sous-commission eppes aneres ginn ass, dat war éischter duerch de Covid bedénkt, mee do waren op all deene Plazen, wou soss iwwert Teletravail geschwat ginn ass an et misst méi Teletravail méiglech sinn, meeschtens Pilotprojeten an et war och kee bereet, elo iwwer aner ..., déi Reforme vun Aarbecht an Aarbechtszäitorganisatioun ze diskutéieren. Mee et ass duerch deen – da muss een och eng Kéier dem Covid eppes Positives ogewannen –, dass et do méiglech ginn ass, och iwwert Teletravail kënnen ze diskutéieren.

Et ass och ënnerstrach ginn: Déi Diskussioun huet ënner anerem ugefaangen duerch den Ënnerscheid tëschent de Lëtzeburger an de Frontalierskolleegen, well de Problem bei de Steieren a virun allem och bei der Sécurité sociale war, wat sech jo awer elo viru sechs Woche geännert huet mat der Sécurité sociale, wat och eng gutt Saach ass, a wou do och eng aner Diskussioun kann hei am Land stattfannen. Mat de Steieren ass et leider nach ëmmer anescht, well och wa 34 Deeg elo schonn eng gutt Saach sinn an e grouse Fortschritt si vis-à-vis vun deenen 19, déi et viru waren, sou ass dat awer nach ëmmer wäit ewech vun deene Méiglechkeeten, déi et an der Sécurité sociale gëtt, wou déi 49 % jo do sinn.

An dat, wat den Dan Kersch gesot huet, misst een nach eng Kéier ënnersträichen: Déi eenzeg Zon an Europa, wann net an der Europäescher Unioun, déi et gëtt, mee do ass et d'Europäesch Unioun mat engem Land aus der Europäescher Unioun, mat engem aus dem Europäesche Wirtschaftsraum, dat ass d'Finanzplatz vu Genf, wou och do mat änleche Chifferen hantéiert gëtt wéi hei zu Lëtzebuerg, dass et och do misst méiglech sinn, bilateral Accorden ze fannen.

Mee mir wëssen awer och duerch déi Gespréicher, déi mer hate mat de Sozialministeren, wou den Dan Kersch dat och a sengem Rapport gesot huet, wou d'Diskussioun och scho gefouert ginn ass, dass dat fir Däitschland awer da ganz kloer ass. Dat gëllt awer dann net nëmme fir d'Regioun mat Lëtzebuerg, well si och nach aner Grenzen hu mat anere Länner an et dann do och ënnerschiddlech Schwierigkeete gëtt an och ënnerschiddlech bilateral Accorden, wat d'Besteuerung ubelaangt. Mee et wär awer wichteg, dass mer do deen Effort kéinte maachen an dass mer do Léisunge géife fannen.

An dofir hoffen ech, dass et méiglech misst sinn, e Pilotprojet hei an der Groussregioun ze maachen. Ech denken ëmmer, et war jo schonn eng Kéier e Pilotprojet – den Här Halsdorf ka sech nach drun erënneren, ech mengen, do souz en nach am Gemengerot zu Péiteng, wéi de Pôle européen de développement gemaach ginn ass –, wou och deemools extra Bestëmmunge gemaach gi si fir Péiteng, zur Péitenger Säit, Lëtzebuerg, Frankräich an d'Belsch, wou och do Méiglechkeete geschaf gi sinn an engem Pilotprojet. Et ass herno zwar net zu deem Resultat komm, wat mer eis alleguerten erhofft haten, mee do war et méiglech, innerhalb vun der Groussregioun eppes ze maachen, an dat wär sécherlech och an deem heite Kader eng gutt Saach.

An ech mengen, dass do Lëtzebuerg misst de Lead iwwerhuelen, well mir awer an der Groussregioun dat

eenzegt autonomt Land sinn a well mer jo wëssen, dass eis saarlännesch, eis rheinland-pfälzsch, eis wälounesch an eis loutrengesch Frënn wëssen, wat dat fir en Afloss huet, mee ech wees net, ob dat zu Paräis, zu Berlin an zu Bréissel ëmmer genausou gesi gëtt wéi hei, soudass et do wichteg wier, dass Lëtzebuerg do de Lead géif iwwerhuelen, fir esou eppes kënnen ze maachen.

Dann ass och eng Kéier ënnerstrach gi vum Rapporteur, dass et zwëschent der Fonction publique an dem Secteur privé awer och nach Ënnerscheeder gëtt, dass et och do wichteg ass, dass eppes gemaach gëtt.

An dann och déi Fro, déi ëmmer erëm opkënn: Elo si mer knapps op 49 %; wéi ass et, wa Firmaen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, op eemol Teletravail ubidden an e franséische Grenzgänger, deen dann hei zu Lëtzebuerg bei esou enger Firma schafft, um afrikanesche Kontinent ënnerwee ass? Do ass de Moment nach e Fragezeichen hannendrun, wéi dat gekuckt gëtt – mee et ass awer en Optrag, deen hei zu Lëtzebuerg ausgaangen ass, fir dat an deem afrikanesche Land ze maachen –, ob do déi franséisch Kolleegen et och esou gesinn. Do sinn Diskussiounen amgaangen, ob dat esou ass oder wat fir eng Interpretatioun do gemaach gëtt.

An dat selwecht gëllt fir den Droit du travail. Wann ech Teletravail maachen zu Arel, zu Metz oder zu Tréier, ass do den Droit du travail vu Lëtzebuerg, dee gëllt, oder ass et den Droit du travail vun Däitschland, vu Frankräich oder der Belsch? Och dat sinn Diskussiounen, déi een do nach ka fannen.

Ech wëll just soen, ech wëll dem Dan Kersch nach eng Kéier Merci soe fir déi Présidence, déi e gemaach huet, an och viru de Claude Haagen. Mee ech wëll och Merci soen alleguer de Kolleegen, déi an där Kommissioun mat dra waren. Et war eng kleng Kommissioun. Mir hate vill Sitzunge beieneen an hannerteneen, mee et war eng gutt Ambiance. An ech mengen, et ass ëmmer emol wichteg, et ass do drëm gaangen, an ech mengen, dass dat, wat mer bis elo op den Dësch bruecht hunn – zwar net ëmmer nëmme eleng dank eis, mee och, well do op europäeschem Niveau Saache komm sinn a bilateral Accorden geännert gi sinn –, dass dat eng gutt Saach ass fir Lëtzebuerg, fir d'Lëtzeburger Ekonomie, mee dass mer et och mussen fäerdigbréngen, do nach Verbesserungen erauszekriegen, well dat wichteg ass fir de Standuert Lëtzebuerg. Mir dierfen awer och gläichzäitig net vergiessen, wann d'Leit alleguerten ufänken, och eis Frontalierskolleegen – 247.000 hu mer viru an enger Debatt héieren –, wat dat bedeit, wann déi alleguerte géife vun doheem aus schaffen, wat dat och fir d'Lëtzeburger Ekonomie fir Follge kéint hunn.

Dat gesot, villmools merci an ech hoffen, dass mer och an anere Sujeten, zwar dann an enger anerer Legislaturperiode, a wie weess, wien do dann alles dobäi ass, och nach esou Aarbechts-Souskommissiounen kënnen asetzen, déi och dee selwechte Succès kënnen verzechen. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Villmools merci, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP), en remplacement de Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Am Prinzip misst elo d'Madamm Carole Hartmann hei stoen, mee vu datt d'Madamm Hartmann kuerzfristeg eng aner Verpflichtung huet, hunn ech dann déi grouss Eier, hir Ried hei virzebréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Work-Life-Balance“ ass eent vun de Schlagwierder vun de

leschte Joren. Nieft dem Salaire ass et de Leit ëmmer méi wichteg, wéi vill Flexibilitéit eng Aarbechtsplaz bitt, fir genuch Zäit fir Famill, Frënn an Hobbyen ze hunn. Den Teletravail ass do ouni Zweifel e wichteg Stéck vum Puzzle an huet zanter der Pandemie en Opschwung erlieft. Wou viru nach vill Betriber skeptesch waren, ob d'Leit doheem genee sou produktiv schaffe wéi um Büro, huet d'sanitär Kris eis – wann och ënner Zwang – gewisen, dass deen Aarbechtsmodell funktionéiere kann.

Wichteg ass et natierlech, dass gewësse Reegele respektéiert ginn, mee dës muss ee fir d'éischt definéieren. Meng Fraktioun begreift an deem Kontext den enken Austausch mat de Sozialpartner, déi och ënnerteneen en Accord interprofessionnel am Oktober 2020 ausgeschafft hunn, deen esou allgemeng Reegele festleet. Dësen Accord gouf am Kader vun den Aarbechte vum CES, vum OGB-L, dem LCGB an der UEL ënnerschriwwen an zur allgemenger Obligatioun erkläert. Den Teletravail, dee gëtt dann hei definéiert an et gëtt Obligatiounen a Rechter bei der Ëmsetzung vum geleeëntleche Wéi vum reegelméissegem Teletravail festgeluecht. Viru allem de Prinzip vun der Fräiwëllegkeet, souwuel vun der Säit vum Salarié wéi vum Patron, gëtt betount, e Prinzip, hannert deem selbstverständlech d'Demokratesch Partei och ganz kloer steet.

Am Rapport iwwert den Teletravail geet als klore Message ervir, dass d'Sozialpartner net Demandeur fir e Gesetzestext iwwert den Teletravail sinn. An hiren Ae mécht dat d'Ëmsetzung onnéideg komplizéiert. Den Accord interprofessionnel erlaabt do déi néideg Flexibilitéit, déi méi Entrepreneuren dozou beweegen kéint, hire Salarié den Teletravail unzibidden.

Legislativ gekuckt goufen awer zwee Projeten adoptéiert, déi d'Ëmsetzung vum Teletravail begleeten. Engersäits hu mir viru engem Joer d'Kompetenz vun de Personaldelegatiounen am Beräich vum Teletravail gestärkt. Si mussen vum Patron informéiert a consuléiert ginn, wann den Teletravail am Betrib agefouert oder adaptéiert soll ginn.

A ganz rezent hu mir d'Recht op Dekonnexioun an de Code du travail ageschriwwen. Dat Recht ass mam Fortschritt vun der Digitaliséierung néideg ginn, fir nach eng Kéier ze betounen, dass déi aktuell Aarbechtszäitlimiten och gëllen, wann een net physisch um Büro ass, mee iwwert den Handy oder Computer verbonnen ass. Als DP-Fraktioun hu mir ausdrécklech begräist, dass de Betriber awer déi néideg Flexibilitéit bei der Manéier vun der Ëmsetzung vum Recht op Dekonnexioun gi gouf.

Här President, weider seet d'Madamm Hartmann, wéi gesot, d'Sozialpartner sinn net Demandeur fir e gesetzleche Kader fir den Teletravail. D'Politik sollt hir Energie vill méi dorobber fokusséieren, den Teletravail ze fërderen. Dat heescht viru allem, all den Entrepreneuren an all de Salarié, wou d'Aarbechtsplaz et erlaabt, op d'mannst d'Méiglechkeet ze ginn, den Teletravail méi heefeg ze notzen. Besonnesch d'Frontaliere sinn den Ament nach an enger benodelegter Ausgangslag.

Den allgemenge But, deen d'Sous-commission „Teletravail“ definéiert huet, ass, zwee Deeg Teletravail d'Woch ze erméiglechen. Dat entsprécht ongeféier 90 Deeg am Joer; un dës Zuel kommen eis Frontalieren nach laang net erun. Mir hu jo mat eisen Nopeschlänner bilateral Accorden, déi festleeën, wéi vill Deeg am Joer Frontalieren an hirem Wunland dierfe schaffen, ouni duebel besteiert ze ginn. Ënnert der Leedung vun der Finanzministesch Yuriko Backes gouf op deem Niveau scho mat vill Succès negociéiert.

Belsch a franséisch Frontaliere kënnen jo 34 Deeg am Joer am Homeoffice schaffen, dat sinn zéng respektiv véier Deeg méi wéi am leschten Accord nach. An och mat Däitschland gouf ee sech jo elo rezent eens. Däitsch Frontaliere kënnen also och elo 34 Deeg Teletravail maachen. An ech wëll an deem Kontext och den däitsche Finanzminister zitieren, de Christian Lindner, dee sot: „Luxemburg ist ein geschätzter Nachbar Deutschlands. Deshalb freue ich mich, dass wir heute die Bande zwischen unseren Ländern noch enger knüpfen.“ Dat ass jo eng kloer an eng léif Ausso.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gusty Graas (DP)**, en remplacement de Mme Carole Hartmann (DP) | Mee d'Diskussionne ginn onermiddle weider an eng Ouverture op europäeschem Niveau kéint neie Schwong an d'Verhandlungen erabringen. D'Memberstaate vun der Europäescher Unioun hunn en neien Accord cadre am Beräich vun der Sozialversicherung ausgehandelt, deen d'Limitt fir d'Frontalieren, fir an hirem Wunnland ze schaffen, vu 25 % op 49 % eropheft. Lëtzebuerger huet dësen Accord, deen den 1. Juli a Kraaft getraut ass, schonn ënnerschriwwen, genee wéi Däitschland, d'Belsch a Frankräich.

Här President, fir d'DP ass dat flexibel Schaffen en Haaptuleies. Zesumme mam Teletravail wëlle mir weider flexibel Aarbechtsmodeller féieren an de rigide Kader vum Code du travail opbriechen. Fir d'Salariée bedeit et en Zäitgewinn, et verbessert hir Work-Life-Balance an hiert Wuelbefannen, fir eis Wirtschaft bedeit et eng gréisser Attraktivitéit um Aarbechtsmaart a sou eng besser Kompetitivitéit.

An am Numm vun der Madamm Hartmann soen ech awer och dem Här Kersch nach Merci fir déi Aarbecht, déi hien um Niveau vun där Souskommissioun gemaach huet, an ech soen Iech Merci am Numm vun der Madamm Hartmann.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng) |** Ech hu kee Paltong un.

**M. Fernand Etgen, Président |** Dat mécht näischt.

**M. Charles Margue (déi gréng) |** Mécht dat näischt? Bon, ech sinn dann am Teleaarbechtslook, ech hunn de Paltong vergiess unzeden, pardon.

*(Hilarité)*

Merci dem Rapporteur Dan Kersch fir säi mëndleche Bericht an, wéi et scho gesot ginn ass, och fir d'Organisatioun vun eisen Aarbechten. An och Merci dem Joé Spier an all deenen, déi mat him de schréffleche Rapport virbereet hunn; dat war munnech Aarbecht. Hätte mer d'Covid-Pandemie net gehat, da géife mer wuel kaum haut iwwert dëse Bericht an iwwert Teleaarbecht iwwerhaapt schwätzen. Teleaarbecht, Homeoffice, ob een et gutt fënnt oder net, et ass e feste Bestanddeel vun den Aarbechtsrelatiounen gi fir déi Salariée, wou Teleaarbecht méiglech ass. Jo, an domat soen ech och, dass mer elo en Ënnerschied maachen, wat d'Aarbechtsverhältnisse betrëfft – den Dan Kersch huet et ugeschwat – tëschent deene Fraen a Männer, déi Teleaarbecht kënnen, dierfen, voire musse maachen, an deenen, déi eng Aarbechtsplaz hunn, wou dat guer net méiglech ass.

D'Sozialpartner hunn eis alleguer vun deem neien Dissens an der Aarbechtswelt geschwat, deen zu villen Diskussionen an och Spannung féiert. Et ass an de Betriber e grouse Gesprächsbedarf do, an et muss geléiert ginn, et muss geléiert sinn, déi Diskussionen sachlech ze féieren an net ze vill emotional – „Du dierfs, ech dierf net, wisou?“ –, dass d'Leit sech net

gläich behandelt fillen. A perséinlech erlabe ech mer ze soen, dass et net de beschte Wee ass, wéi et a verschidde Betriber a Servicer gehandhaabt gëtt, dass Teleaarbecht einfach net a Fro kënn, well se net fir jiddweree méiglech ass a well de Chef net am Stand ass, déi néideg klärend Diskussionen ze féieren, fir dass déi Ënnerscheeder opgrond vun ënnerschiddlechen Aarbechtsplaze kënnen akzeptéiert ginn. Gleef mir, dass ech dëst aus eegener Erfahrung weess, aus mengem fréiere Betrib, wou mer iwwert d'Teleaarbecht gestriden a verhandelt hu schonns laang viru Covid.

Teleaarbecht an domat verbonnen Onlineversammlungen via Visio, dat muss ee kënnen! Selwer hu mer de Prozess an enger, géif ech mol soen, Crash-Situatioun matgemaach a mir sinn nach ëmmer amgaang ze taaschten, fir den Optimum ze fannen tëschent Presentiel, Visio pur an hybrid, ofhängeg vun de Sujeten, vun Zäitconsideratiounen an esou weider.

Wat wëll ech soen? An de Betriber mussen all d'Chefen, also all déi, déi aner Mataarbechter encadréieren, sech ëmstellen, fir hir Ekippen am Respekt an am Vertrauen ze féieren, ze managen. D'Isolatioun an der Heemaarbecht oder och nach de Risiko vu Marginalisatioun vu Mataarbechter si Geforen, déi e Chef net onbedéngt direkt um Radar huet an och net onbedéngt zurzäit erkennt. Do ass wirklech vill Weiterbildung verlaangt.

Ech hunn et hei schonns gesot, mengen ech: D'Teleaarbecht verlaangt an der Aarbechtsrelatioun op d'mannst esou vill Vertraue wéi Kontroll. Dat fannen ech am Fong gutt, Vertrauen heescht dann och Respekt. Am Fong kann een d'Teleaarbecht benotzen als Qualitéitsmesser vun der Aarbechtsrelatioun. Wann e Betrib, e Chef de service sech géint Teleaarbecht wiert, dann ass dat kee gutt Zeechen a puncto Aarbechtsklima.

Mir haten eng gutt an agreabel Aarbechtsaart a -weis an eiser Souskommissioun an och all eis Gesprächspartner hunn oppen an éierlech mat eis geschwat, also zimmlech riichteraus, wéi et um Terrain ausgesäit. An et ass wichteg ze soen, wéi de Marc Spautz et sot: Mir hunn iwwer eng Zäit matenee geschwat, vun Ufank 2022 bis elo Ufank 2023, an an deene Méint ass munches passéiert: Erfahrungswärter mam Teletravail an de Betriber an am ëffentlechen Dénsgscht, Verännerungen, grondleeënder, um Aarbechtsmaart, notament, wat d'Fuerderungen an d'Erwaardungen ugeet vun de Salariée.

D'Fro ass ganz däitlech opkomm bei den Neistellungen respektiv bei de Persounen, déi eng alternativ Aarbechtsplaz ugebuede kruten oder eng nei gesicht hunn: Wéi ass et mat der Teleaarbecht, wat proposéiert de Betrib mer, wat hunn ech zegutt, wat ass gutt fir mech, wat ass ideal fir meng Famill? An dat an engem Kontext vu Mangel un Aarbechtskräften, qualifiéierten, mee net nëmmen.

Wann ech op d'mannst een Dag, awer besser zwee bis dräi Deeg vun doheem aus schaffe kann, da kann ech méi wäit ewech wunnen, manner deier eventuell a méi no bei menger Famill sécher. Dëst ass eng Demande, déi ëmmer méi Salariée bei hirem Patron oder potenzielle Patron formuléieren. Esou huet de Moment d'Fro vum Teletravail och déi vun der Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg mat sech bruecht.

An et ass eng nei Erausforderung, och an der Groussregioun, mee net nëmmen, de ganzen EU-Aarbechtsmaart ass betroff. Oder anescht ausgedréckt: D'Groussregioun, bei eis als Bassin de l'emploi betruecht, geet elo bis op Paräis, Stroossbuerg, Léck, Namur a grad esou wäit an Däitschland eran. An Däitschland huet dann nach eng besonnesch

Charakteristik a puncto Teleaarbecht, do wunnen nämlech ganz vill Leit, haaptsächlech Lëtzebuerger, déi beim Staat oder soss am ëffentlechen Dénsgscht hei am Land schaffen; eng ganz eege Problematik, wéi d'Gewerkschaften aus dem ëffentlechen Dénsgscht eis gezielt hunn.

Stéchwuert „Aarbechtsorganisatioun“, oder soll ech besser soen: „gutt Aarbechtsorganisatioun“? Den Teletravail ass een Deel, ee Baustee vun der Aarbechtsorganisatioun. Aner Bausteng dovun si Flexibilitéit, wat d'Auerzäiten ugeet, an déi effektiv Aarbechtszäit. Mir Gréng gesinn et als Chance, et ass elo e Moment, fir déi Bausteng ze verbannen, wa méiglech am Kader vum Sozialdialog an an de Kollektivverträ, souwuel an de Betriber wéi sektoriell.

D'Generalisatioun vum Congé parental fir béid Eltere war schonns esou eng Etapp fir déi Aarbechtswelt, déi sech staark verännert. D'Deelzäitaarbecht huet sech dauerhaft ausgebreit an huet net just Frae betraff. Vill Männer, aus hirer Erfahrung vum Congé parental eraus, hunn dunn och oft de Choix gemaach, zum Beispill 80 % duerno ze schaffen.

Ech si gläich fäerdeg, Här President.

*(Hilarité)*

Zu zwee an der Koppel 80 % ze schaffen ass elo ëmmer méi heefeg, véier Deeg an der Woch, dovunner nach een oder zwee per Teleaarbecht, mat manner Zäit mam Transport. Déi Situatioun ass e ganz grouse Fortschritt fir e gudden Equiliber tëscht Aarbecht a Privatliwen. Am Fong en neit Ideal, zumools wann ee Kanner huet oder amgaang ass, der ze kréien – Stéchwuert „Familljegrënnung“. En neit Ideal, dat awer – an dat muss een awer soen an zouginn – net fir jiddweree méiglech ass, well een entweder en Job huet, wou d'Teleaarbecht net méiglech ass, oder, an dat ass mat steigenden Zësen ëmmer méi oft de Fall a leschter Zäit, well ee sech et net leeschte kann, just 50 oder 80 % ze schaffen.

Voilà, dat waren aus grénger Siicht e puer Iwwerleeungen zum Thema Teleaarbecht. Et wär nach munches ze soen, ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Margue. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Léif Kollegen an Kolléegen, fir unzefänken en häerzleche Merci un den Här Dan Kersch fir säi Rapport vun der Teletravalkommissioun. Ech mengen, et ass näischt do bäizefügen, et ass och näischt ewechzehuelen, et ass esou korrekt, wéi hien et erëmginn huet.

Duerch de Coronavirus ass den Teletravail oder Homeoffice méi present ginn an eise Aarbechtsverhältnis. Dëst ass alles schéin a gutt, et huet wéi all Verhältnis Vir- an Nodeeler; dës géllt et, an aller Objektivitéit ze beliichten. Et ass komplizéiert, méi wéi ee mengt, wann een iwwert d'Grenzen eraus kuckt.

Mir als ADR si grondsätzlech fir Flexibilitéit op der Aarbechtsplaz, souwuel wat d'Aarbechtszäiten ugeet wéi och den Uert, vun deem aus geschafft gëtt.

Erlaabt mer e puer méi allgemeng Iwwerleeungen. Teletravail muss op fräiwëlleger Basis stattfannen, ausser et ass am Aarbechtsvertrag kloer gereegelt, datt de Salarié e gewëssenen Deel vu senger Aarbechtszäit vun doheem aus schaffe kann. Onser Meeung no dierf de Patron kee Salarié zwängen, vun doheem aus ze schaffen. Dofir begrësse mer och, wat am mentionéierte Rapport vun der Sous-commission „Télétravail“ festgehal ginn ass.

Et dierf och net derzou kommen, datt de Patron an d'Privatsphär vun engem Salarié, deen Homeoffice



mécht, agräife kann oder souguer en ausspionéiere kann. Mir setzen eis hei fir eng kloer Gesetzgebung an, déi d'Rechter an d'Flichte souwuel vum Salaré wéi och vum Patron reegelt.

E Virdeel ass, datt den Teletravail zu enger Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen féiere kann oder bäidroen kann, well vill Salaréen, déi d'Méiglechkeet hunn, vun doheem aus ze schaffen, sech doduerch deels vu Stressfaktoren kënnen befreit fillen, déi si op hirer Aarbechtsplaz erliden.

Nodeeler gëtt et der och. Speziell grad déi Secteuren, déi dobäi nach am meeschte vun Aarbechtsaccidenten betroffen sinn, wéi d'Landwirtschaft, de Bau, d'Handwierk, d'Industrie an d'Transportwiesen an esou weider, kënnen praktesch guer net vun der Heemarbecht profitéieren respektiv drop zrëckgräifen. Dat riskéiert, nei Spannungen an der Gesellschaft ze produzéieren, och innerhalb vun engem Betrib, Spannungen tëschent deenen, déi vun doheem aus schaffen kënnen, an deenen, déi dës Méiglechkeet net hunn. Zu dëser zweeter Kategorie gehéieren och ganz dacks déi sozial schwach a manner qualifizéiert Mënschen. Hei misst een, ouni dem Teletravail eppes ewechzehuelen, driwwer nodenken, wéi een dat kompenséieren kann. Et muss verhënnert ginn, datt et an deem Kontext zu Ongerechtegkeeten kënnt.

Mir begrëssen grondsätzlech all Form vun Dezentraliséierung vun der Wirtschaft a vun der Verwaltung an deem Sënn, datt et zum groussen Virdeel fir eis Land wär, wa Firmaen a Verwaltungen hir Bürouen an de Grenzregiounen vum Land géifen etabliéieren kënnen. Dat géif och vun de Frontalieren, déi ëmmer méi ofgeschreckt ginn duerch déi laang Urees op hir Aarbechtsplaz, als Virdeel ugesi ginn.

Et muss een awer och soen, datt verschidde Secteuren, wéi beispillsweis de Gastronomiesector, a Bedrängnis gerode kënnen, wann se vill Homeoffice gemaach gëtt. Alles dëst ass schéin a gutt, mee mer si konfrontéiert mat internationale Bestëmmungen, speziell wat den Teletravail fir eis Kolleegen aus der Grenzregioun betrëfft. An do ass am Fong geholl den Hoke vun der ganzer Saach.

Hei gëtt et um Niveau vun der Sozialversécherung zwar eng nei Entwécklung. En internationalt Ofkommen, dat vum Minister fir Sozial Sécherheet de 5. Juni 2023 fir Lëtzebuerg ënnerzechent gouf, soll et de Pender an Zukunft erlaben, méi Zäit wéi bis elo – insgesamt awer nach ëmmer manner wéi 50 % vun hirer Aarbechtszäit – am Homeoffice ze verbréngen, ouni datt doduerch hir Sozialversécherungsaffiliatioun wiesselt. Déi aner Länner hu sech schonn enggeschlossen oder wäerte sech elo deemnächsteschléissen.

Mir als ADR begrëssen dës Entwécklung, sinn awer och der Meenung, wéi och d'Sous-commission „Télétravail“ vun der Chamber, datt d'Besteierungsbestëmmungen an deem Sënn nach mussen nogebessert ginn, datt et de Frontalieren erlaabt misst sinn, zwee Deeg an der Woch am Homeoffice ze schaffen, ouni datt si an de Besteierungssystem vun hirem Land zrëckfalen.

Haut de Moien hu mer héieren – den Här Dan Kersch hat et gesot –, dass de Moie mat Däitschland eng Konventioun ënnerschriwwen ginn ass fir 34 Deeg. Et bleift nach e bëssen ze dinn, fir eis Iddien, déi mer wëllen zrëckbehalen, ze realiséieren.

Ech géif Iech da Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen. Da ginn ech d'Wuert un d'Madam Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, den Teletravail ass eng gesellschaftlech Realitéit ginn,

déi sech duerch a während der Pandemie zolidd verstärkt huet. Mir ware vun Ufank un dorobber beduecht, dës Entwécklung ze begleeten an hunn dobäi natierlech virun allem d'Wuelbefanne vun de Salaréen am Bléck gehat, déi vun doheem aus schaffen, grad wéi och d'Aarbechtskonditiounen vun de Salaréen, déi net kënnen vun doheem aus schaffen, wuelwëssend, dass dat ganz oft Leit sinn, déi manner gutt bezuelt sinn a penibel Aarbechte mussen maachen, wéi beispillsweis am Botz-, Logistik- a Sécherheessektor. Dofir begrësse mir och, dass dës Souskommissioun an d'Liewe geruff gouf, dat och opgrond vun der Initiativ vun déi Lénk a mengem Virgänger, dem Marc Baum, op dëser Plaz, deen eng Motioun an deem Sënn an der Chamber eraginn huet, déi hir Ëmsetzung an dëser Souskommissioun fonnt huet.

Ech wëll e puer Punkten, déi am Rapport vun der Kommissioun opgeworf ginn, hei kuerz opgräifen. Mir mengen, datt d'Méiglechkeet, méi Deeg an der Woch respektiv iwwert d'Joer verdeelt kënnen op den Teletravail zrëckzegräifen, fir vill Salaréen engem Wonsch entsprécht. Vill Lëtzeburger Residenten schaffen och ganz vill vun hirer Zäit am Teletravail, dat en fonction vun der Aarbecht an dem Accord, dee mam Patron konnt fonnt ginn. Fir eis ass et kloer, dass mir deen Trend net stoppe kënnen an och net wëllen, mee dass e begleet muss ginn, am Interessi vum Salaré an alleréischter Linn, mee natierlech och en fonction vum Besoin vum Betrib.

Deementspriedend ënnerstëtze mir och d'Fuerderung, déi vun de Gewerkschaften virbruecht ginn ass, fir bei de potenzielle Käschten, déi fir e Salaré am Teletravail ufale kënnen, nozebesseren.

Et ass jo effektiv esou, dass e Betrib, besonnesch wann e méi grouss ass, Büroflächen an Ekipementen spuert, déi zum Deel dann op de Salaré am Teletravail ofgewälzt kënnen ginn. Et si Betriber, déi hir Bürofläche scho reduzéiert hunn an déi eng aner Organisatioun vun der Notzung vun hire Raimlechkeeten ëmsetze konnten, vläicht souguer Raimlechkeeten verloune kënnen un aner. Hei muss an eisen Aen e finanziellen Ausgleich passéieren. Ob dat iwwert d'Steierklärung goe muss, froe mir eis awer, well et jo net de Staat ass, mee de Betrib, deen dat bezuele misst.

D'Diskussioun ronderëm d'Entstoe vun neien Entscheedungen fir Salaréen, wou d'Grenzen tëschent den Aarbechte verlafen, déi een op der Plaz maache muss, an deenen, déi een och à distance maache kann, souwéi och vum Wunnuert, ass fir eis ganz zentral. Se hânt jo och mat de verschiddene Standpunkter bei der Fro zesammen, ob d'Telearbecht fräiwëlleg ass oder ob dorauer e Recht entstoe soll.

D'Sozialpartner si sech jo eens, dass den Teletravail op enger fräiwëlleger Basis soll stattfannen. Mir verstinn dës Iwwerleeungen natierlech och, ginn awer ze bedenken, dass dat awer näischt dorunner ännert, dass verschidde Salaréen, oft déi mat méi klenger Léin a schwierigen a kierperlechen Aarbechten, ni an de Genoss komme vum Teletravail an de facto och nach méi Zäit fir d'Aarbecht mussen opbréngen, well se den Aller-retour maache mussen. An dee kascht och, wéi mer jo wëssen.

Fir eis ass d'Diskussioun ronderëm e Recht op Teletravail dofir mol an éischter Linn en Hiewel, fir drop opmierksam kënnen ze maachen an op d'Méiglechkeet kënnen hinzeschaffen, dass d'Gewerkschaften beispillsweis a Kollektivvertragsverhandlungen dësen ënnerschiddlechen Aarbechtskonditiounen kënnen Rechnung droen, zum Beispill, andeems bei de Léin nogebessert gëtt fir Leit, déi all Dag um 8.00 Auer mussen op der Schaff sinn.

Fir de Frontalieren entgéintzekommen, ënnerstëtze mir och d'Demande vun de Sozialpartner, fir zu enger

Harmoniséierung bei de Seulen fir d'Besteuerung mat den dräi Nopeschlänner ze kommen an do, wa méiglech, och eng Augmentatioun vun de Seulen ze errechen. Mat finanzieller Kompensatioun fir d'Nopeschregiounen hu mir selbstverständlech kee Problem. Déi Fuerderunge vun den Nopeschlänner gesi mir als legitim un.

Als lescht Bemierkung wëllt ech nach kuerz op eng méi allgemeng Thematik agoen, an dat ass déi vun der Zerstéckelung an der Verdichtung vun der Aarbecht, déi duerch déi digital Kommunikatiounsmittelen natierlech zouhëlt, an dat sécherlech och mam Teletravail. Och beim Teletravail betrëfft dëst net just Leit am Teletravail bei sech doheem, mee eigentlech jiddereen an engem Betrib, well d'Leit, déi op hirer Aarbechtsplaz sëtzen, jo och verstärkt iwwer E-Mail, Messaging, Videoan an esou weider fuere mussen, fir den Echange tëscht den Ekippen ze assuréieren. Fir vill Leit ass dës Aarbechtsweis eng Belaaschtung, sief et, well sech d'Aarbecht verlagert an d'Fräizäit, d'Aarbechtszäit sech schlaichend verlängert oder d'Konzentratioun net méi bei eppes bleiwe kann, well dauernd nei Informatiounen kommen.

Mir wëssen, dass dës Stress an déi Belaaschtungen ëmmer méi en Impakt hunn op d'Santé mentale vu ville Leit, an déi Fro muss fir eis méi staark thematiséiert ginn. Dat betrëfft natierlech net just den Teletravail, mee den Teletravail ass awer een Deel vun deem Ganzen, dee verschidden Effekter sécherlech och verstärkt. Deen ëmmer méi staarke Wonsch bei ville schaffende Leit no enger Aarbechtszäitverkürzung ass op genee dës Entwécklungen zrëckzeféieren an ass fir eis eng vun de prioritäre Froen vun eiser Zäit, där mir eis einfach stelle mussen a wou mir zesammen, also all „partis confondus“, Pistes ausschaffe sollen a mussen.

Zum Schluss wëllt ech och als eng vun de Vizepresidenten jiddwerengem e groussen Merci soen, deen an dëser Kommissioun ganz aktiv matgeschafft huet. Ech mengen, eise President huet dat ganz gutt geleet, mee awer och all d'Membere vun der Kommissioun hu wonnerbar matgeschafft. An ech mengen, mir hu vill Zäiten zesumme verbruecht. Et war jo net esou evident, et si vill Leit bei eis passéiert, déi hir Doleancë virgestallt hunn, mee et war immens interessant an ech wënsche mer wierklech méi esou konstruktiv a flott Debatten a Kommissiounen, wou mer all zesammen en engem Strang zéien a wou mer och all zesammen e Stéck weiderkommen. Et war wierklech ganz, ganz flott. An och eise Sekretär e ganz groussen Merci fir déi sëlleg Rapporten an déi vill Rapporten, déi hien eis geschriwwen huet, a relativ kuerzer Zäit awer, muss een och soen. Och dat war eng zousätzlech Belaaschtung an déi muss een einfach honoréieren.

An da wëllt ech als Allerlescht eise ganz léiwe President nach e ganz groussen Merci soe fir seng Kulanz bei dëser Riedezeit. Dat ass immens léif. Villmools merci, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëll op dëser Plaz als éischt emol all den Interesseverrieder Merci soen, déi mat eis en Echange gefouert hunn an eis hir Säit an hire Point de vue op den Teletravail duergeluecht hunn.

Mir Piraten ënnerstëtzen den Ausbau vum Teletravail. Den Teletravail erspuert ville Leit Zäit, jo, d'Zäit vum Trajet fir op d'Aarbecht, déi gäre mol bei enger Stonn oder méi pro Wee läit. Doduerch hunn d'Leit méi Zäit fir d'Liewen doheem, fir hir Hobbyen, jo, fir hir Kanner.

Den Teletravail erméiglecht et, kleng Kommissiounen ze erleegege virun oder no der Aarbecht, wéi zum Beispill e Rendez-vous op der jeeweileger Gemeng. Den Teletravail reduzéiert d'Unzuel u Persounen, déi an d'Ballungsgebieder – an d'Stad, op Esch oder an d'Nordstad – schaffe ginn, wat indirekt zur Verkéiersberouegung féiert.

Den Teletravail kann awer och d'Grenzen tëscht Aarbecht an dem Doheem verschwanne loossen. Dofir ass et gutt, datt d'Chamber hei viru Kuerzem den Droit à la déconnexion am Gesetz verankert huet. Den Teletravail suert och fir Ongerechtegkeeten, well Residente kënnen mam Chef fräi hir Deeg verhandelen, während Frontalieren duerch bilateral Accorden an der Unzuel un Deeg ageschränkt sinn. Eng Hürd ass mëttlerweile e Stéck méi kleng ginn, well op EU-Niveau en Accord fonnt gouf, fir d'Sozialversécherung bis op 50 % vun der Aarbechtszäit ze erhéien.

*(Interruption par M. Georges Engel)*

Jo, 49, genau, net 50 Prozent, ech hunn opgeronnt, Här Minister.

An och vun däitscher Säit koom jo haut – an dofir ass et schéin, datt mer haut den Debat kënnen féieren – déi gutt Nouvelle, datt d'Unzuel vun den Deeg op 34 konnt gehéicht ginn. Dëst ass e ganz wichtige Schrëtt an et soll een och sécherstellen – an ech mengen, et ass och wichteg, dass mer dat an Zukunft sécherstellen –, d'Ongläichheeten a puncto Teletravail tëscht Residenten a Frontaliere méi kleng ze maachen, well domadder reduzéiert een och Konflikter op der Aarbechtsplaz.

Laut der UEL sinn et 6 % vun de Betriber, déi de Frontalieren den Teletravail verbidden, wéinst ze villen administrativen Demarchen. An ech verstinn dat, et ass deelweis komplizéiert, wann een op eemol muss seng Salariéen an zwee Steiersystemer umellen, glécklecherweis elo warscheinlech net méi an zwee Sozialversécherungssystemer, respektiv kucken, wéini e wou muss ugemellt sinn. Mee dat féiert einfach zu Konflikter tëscht den Employéen. Ech selwer kennen dat aus menger beruflecher Tätigkeet bei engem Lëtzebuerger Grupp, deem awer zu ongeféier der Hallschent aus Frontaliere besteet. An do ginn allkéiers, wann erëm eppes ännert, Maile vum RH duerch de ganze Betrib, wou fir all eenzelne Salarié quasi aner Reegele gëllen, ob en dann elo zu Lëtzebuerg wunnt, ob en an Däitschland, an der Belsch oder a Frankräich wunnt. A wann een dat eng Kéier an engem mëttelstännesche Betrib, 100, 150 Leit, duerchdeklinéiert, ass dat immens vill Aarbecht. An dofir begréisst mer definitiv, datt een hei zu pragmatischen Accorde koom. Mee et muss een och weider déi Demarché vereinfachen.

Här President, natierlech muss mat der Fro vum Homeoffice och d'Fro vum Dateschutz a vun der Privatsphär gekläert ginn, an dat op béide Säiten. Mir hunn eis jo schonn a ville parlamentaresche Froe mat där Fro beschäftegt. Sou ass et jo zum Beispill esou, datt een als Aarbechter/in d'Recht huet, d'Kamera bei enger Videokonferenz auszeloossen, an dat muss och respektéiert ginn. Natierlech mussen d'Salariéen awer och derfir suergen, datt sensibel Donnéeën vum Betrib um Laptop doheem protegéiert sinn. A fir vill Patrone war et am Ufank en Challenge, fir d'Apparater mam interne System vun der Firma ze verknäppen. Frot einfach eng Kéier d'Administratioun vun der Chamber, wéi séier dat huet misse goen a wéi komplizéiert dat war.

Deem Challenge muss een awer als Betrib gerecht ginn, well d'Leit fuerderen haut en Homeoffice. Laut enger Etüd, erëm vun der UEL, soe sech elo scho 40 % vun de Kandidat/innen net méi bereet, eng Plaz unzuetrieden, wou manner oder keen Homeoffice méiglech ass. Well och dëst muss en Deel vun der Strategie

sinn, fir Lëtzebuerg als Wirtschaftsstanduert attraktiv ze halen. Dat hu scho bal d'Hallschent vun de Betriber erkannt a mir Piraten si sécher, datt déi Zuel weider wäert klammen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten fuerdere weider Verhandlungen, fir d'Unzuel un Deeg fir d'Frontalieren an d'Luucht ze setzen an esou Ongläichheeten an de Büroen ze verhënnern. Hei muss och ganz kloer gesot ginn, datt een um Punkt vun de Steierrecettë muss oppe si fir Verhandlungen, a fir näischt kritt een och héchstwarscheinlech näischt.

Et schafft awer net jiddereen um Büro, an dat ass mäi leschte Punkt, Här President, dofir ass et fir eis kloer, datt een och deene Leit muss entgéintkommen, déi keen Teletravail maache kënnen. Mir Piraten fuerdere dofir d'Erhéijung vun de Frais de déplacement vun 99 Euro pro Unitéit op 115 Euro pro Unitéit. Dat hate mer als Motioun hei schonn d'lescht Joer agereecht, mir hunn dat scho beim leschte Budget nach eng Kéier diskutéiert. Bon, et gouf zwee Mol refuséiert, mir bleiwen derbäi, well Lëtzebuerg muss och attraktiv bleiwe fir déi Leit, déi net kënnen vun doheem schaffen an déi müssen op eng Aarbechtsplaz fueren, an dat 100 % vun hirer Aarbechtszäit.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, merci alleguerten de Leit, déi hei Stellung geholl hunn zu dësem wichtige Sujet, an och merci dem Dan Kersch als Rapporteur a President vun där Souskommissioun.

Jo, ech mengen, et ass och elo kloer erauskomm: Mir sinn alleguerten e bëssen iwwerrannt gi vun deem Teletravail an am Joer 2021 war dunn déi grouss Fro, wat geschitt. Wat hânt do alles drun un deem Teletravail? An dofir ass déi Souskommissioun do och geërnt ginn.

Et ass och scho ganz vill gesot ginn an ech wäert och net méi op alles agoen. Wat d'Aarbechtsrecht ugeet, léisst eis Gesetzgebung grondsätzlech den Teletravail fir all Salarié zou, dëst onofhängeg vum Land, an deem d'Persoun da wunnt. Natierlech ass et awer esou – an dat ass virdu gesot ginn hei vum Sven Clement an och vun enger Rei aneren –, dass net all Aarbecht vun doheem aus méiglech ass. Den Infirmier, d'Vendeuse, de Bauaarbechter, dat geet net am Teletravail. An dofir ass den Teletravail just méiglech mat engem Accord zwëschen de Salariéen an dem Patron. Allerdéngs, wann eng Entreprise tëscht 15 an 49 Salariéen huet, da muss dat mat der Delegatioun beschwat ginn, an iwwer 149 Mataarbechter an der Kogestioun. An et ass och gutt, ech soen dat nach eng Kéier, dass mer den Droit à la déconnexion hei gestëmmt hunn, dat ass e wichtige Schratt an där heiter Diskussioun.

Elo kéint ech u sech ophalen, well dat ass mäi Vot vum Aarbechtsrecht, wat den Dossier vum Teletravail hei ugeet. Ech hunn awer och nach e puer Wuert kritt vun der Finanzministesch a vum Sécurité-sociales-Minister, déi u sech haaptsächlech an dësem Dossier gefuerdert sinn. An dofir wëllt ech och nach e puer Messagë vun der Madam Backes mat op de Wee ginn, dass et nämlech wichteg ass drun ze erënneren, dass et a puncto Besteuerung

d'Duebelbesteuerungsofkommessen, also d'Steierkonventiounen sinn, déi Lëtzebuerg mat den Nopeschlänner ofgeschlossen huet, déi d'Reegele betreffend dem Besteuerungsrecht tëschent de Staate bestëmmen.

Et ass och virdu scho gesot ginn: Déi dräi Steierkonventiounen mat eisen Nopeschlänner gesinn e Seuil de tolérance vir, wat d'Besteuerungsrecht betreffend d'Frontalieren ugeet. An déi Seuils de tolérance an de Steierkonventiounen sinn aktuell nach bei 19, 24 oder 29 Deeg fir Däitschland, Belsch oder Frankräich a sinn elo op 34 Deeg bei de Belsch retroaktiv op den 1. Januar 2022 gesat ginn, fir Frankräich op den 1. Januar 2023, soubal déi respektiv Ratifikationsgesetze an deenen zwee Länner publizéiert sinn. Fir d'Belsch ass dat schonn de Fall, fir Frankräich ass hei zu Lëtzebuerg alles geschitt, mee a Frankräich allerdéngs nach net. An, Dir hutt et gesot, mat Däitschland ass haut och en Accord fonnt ginn, awer eréischt fir 2024, fir dann och 34 Deeg Teletravail zouzeloossen.

Wat d'Sécurité sociale dann ugeet, gouf et scho länger Echange op verschiddenen Niveauen, fir méi eng dauerhaft Léisung ze fannen no den temporären Dispositiounen, déi am Kader vun der Pandemie geholl goufen. An do ass et elo en Accord-cadre multilatéral ginn, et ass also en Accord tëschent EU-Länner verhandelt ginn, wou all Land kann ënnerschreien. An deen Accord, dee baséiert op der Fräiwëllegkeet vun de Länner an deen ass zënter dem 1. Juli 2023 applikabel. An d'Benelux-Länner an Däitschland ware vir mat derbäi, fir deen Accord ze ënnerschreien. Lëtzebuerg huet dat de 5. Juni gemaach a Lëtzebuerg war och ganz engagéiert, fir an deene Verhandlungen e beschtméiglechen Accord fir d'Grenzgänger hei ze kréien.

Frankräich huet dunn den 30. Juni ënnerschriwwen, an doduerch kënnen déi Leit, déi an eisen Nopeschlänner wunnen an zu Lëtzebuerg schaffen – dobäi spillt et keng Roll, ob ee bei engem Employeur ass oder bei méi, déi zu Lëtzebuerg sinn – praktesch – praktesch! – d'Hallschent vun der Zäit am Homeoffice sinn, ouni datt eng Ännerung um Niveau vun der Affiliatioun stattfënt. A fir dat ëmzesetzen, huet de Centre commun de la sécurité sociale och eng spezifesch Internetsäit – dat kënn Der vläicht eng Kéier nokucken – online gesat: [teletravail.ccss.lu](https://teletravail.ccss.lu). An deen Accord, dee gëllt elo fir eng Dauer vu fënnf Joer. Dat erlaabt et, déi néideg praktesch Erfahrung ze kréien, fir da gegebenefalls den Accord ze erweideren oder verschide Punkten ze preziséieren.

Offiziell hu 17 Länner deen Accord ënnerschriwwen, woubäi Frankräich virun e puer Deeg dann derbäi komm ass. Aner Länner hunn och annoncéiert, dee Schratt do ze goen. De Minister fir d'Sozial Sécherheet an déi zoustänneg Servicer stinn natierlech zur Verfügung fir Detailler zum Accord an zur Ëmsetzung.

Dofir e grouse Merci nach eng Kéier jiddwerengen, dee bäigedroen huet zu dësem Rapport, deen eis e gudden Kader setzt, deen natierlech och seet: Wa mussen Upassungen gemaach ginn, da mussen mer déi och maachen! Dat si mer jo och konstant amgaangen. Dofir nach eng Kéier merci fir déi gutt Aarbecht, déi Dir hei geleescht hutt. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Georges Engel.

Domadder ass dës Punkt ofgeschlossen a mir sinn domadder och um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesi fir den 11., 12. an 13. Juli.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 18.39 heures.)*